Theater spillen

E Beispill fir d'Organisatioun

Zieler:

- PR fir de Grupp am Quartier
- Suen fir d'Aktivitéiten an d'Material am Grupp

Aarbecht:

- Mam ganze Grupp eng Theatervirstellung organiséieren

Kader:

- All Membere sinn dru bedeelegt
- Elteren a Frënn hëllefen
- Nëmmen en Deel vun de Chef/tainë kënnen sech voll asetzen, déi aner Chef sinn an de Studien
- Plaz: z.B. Theatersall, Sportshal …
- Infrastruktur: Wat ass do vu Bühn, Kulissen, Still, Dëscher …?

Zäitpunkt an Dauer:

- Enn Januar, samschdes owes a sonndes nomëttes

Organisatioun:

- D'Chargen an Aarbechtsgruppen opdeelen
- Administratioun: Paperassen a Schreiwereien
- Programm: En Aarbechtsgrupp iwwerhëlt déi allgemeng Animatioun, dat anert gëtt brancheweis organiséiert
- Infrastruktur: Bühn, Kulissen a Material. Bühnendecoratioun fir all Branche
- Bréidercher, Bar, Kuch, Tombola. Brancheweis gi Gewënner gesammelt.
- Mir ënnerscheeden d'Organisatioun déi fir de ganze Grupp ufällt

an d'Organisatioun déi pro Branche nach derbäikënnt.

- E/ng Chef/taine mécht d'Coordinatioun.

"Plan d'attaque"

Discussiounsronne fir d'Organisatioun ze iwwerdenken an Démarchen ze proposéieren. En Aarbechtspabeier ausschaffe mat de Chargen déi ufalen.

Am Grupperot gëtt d'Organisatioun vum Theater festgehal.

An de verschiddenen Aarbechtsgruppe gëtteng Viraarbecht gemaach, déi fir de nächste Grupperot soll fäerdeg sinn. De Brancheprogramm bleift ënnert der Leedung vum Branchechef.

Kommunikatioun:

De Grupperot gëtt vum Coordinateur informéiert wat leeft an nach soll lafen. Et gëtt eng Checklëscht lafend komplétéiert.

Eng gutt Zesummenaarbecht:

All AG a Branche gëtt gefouert vun engem Responsabele gefouert. Déi verschidde Responsabel suergen dofir, datt jiddereen/t Matsproochrecht huet an Matverantwortung dréit. Eis intern Riichtlinne givu jidderengem respektéiert esou datt keng onnëtz Konflikter entstinn. (Haaptakzenter sinn eisen Image als Guide/Scoutsgrup an eis Method)

Beispill vun enger Checklëscht fir den Theater

Beräich	Detail	Responsabel	Bemierkung
Infrastruktur	Kulissen		Usträichen ; oppassen Budget
	Rido		Richteg ophänken ; ausprobéieren
	Dekoratioun a Requisiten		Coordinatioun vun de verschiddene Stécker
	Elektresch Installatioun		Déiselwecht Leit fir op- an ofzeriichten
	Technik		Wou kréie mer wat geléint ?
	Dëscher a Still am Sall		
	Raumen a botzen		E Raum- a Botzplang opstellen
	Garderoben a Maquillage		Chaos a Gaspillage vermeiden
	Ophänke vun Affichen		Dee richtegen Zäitpunkt wielen
Administratioun	Sekretariat		Alles geet iwwer de GC resp. Sekretär
	Affichen an Handziedelen		Informatiounen;Entworf; Drock; Verdeelen; Verschécken
	Aner Medien		Notiz an der Zeitung ; TV
	Reservatioune vu Plazen		Plang iwwerkucken ; Biljeeë kafen
	Keess		Mënz besuergen
Bar + Tombola	Tombola		
	Bréidercher		
	Kuch		
	Bar		Gedrénks mat Zäit bestellen, stockéieren
Programm	Animatioun fir den Ufank		Oppassen datt et vertriedbar ass
	Animatioun an de Pausen		
	Animatioun zum Schluss		
	Musek an de Pausen		
	Prouweplang		All Ännerungen dem Coordinateur matdeelen
	Biber-Programm		
	WiWël-Programm		
	AvEx-Programm		
	CaraPio-Programm		
	RaRo-Programm		